Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12. September 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

D'Léierpersonal am Lycée hält normalerweis 21 Schoulstonnen an eng Stonn Act 72, déi weider Tâche setzt sech aus de Vir- an Nobereedung vum Cour zesummen. Sou wéi et mir zougedroe gouf, kënnt et am CNFPC besonnesch dacks vir, datt dëse Reglement net agehale gëtt an d'Léierpersonal 26 a méi Stonne Schoul d'Woch muss halen.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Schoulminister gär dës Froe stellen:

1) Kann den Här Minister dës Virgäng bestätegen? Falls jo, wéi wëll hien an Zukunft e bescht méiglechste Respekt vun deem genannte Reglement garantéieren? Kann hie preziséieren, wéi eng Moossnamen aktuell am Sënn vum Schutz vum Léierpersonal gräifen, fir datt dës Reegelung just an Ausnamesituatiounen an no Méiglechkeet mam Accord vun de Betraffenen iwwerschratt gëtt?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten